HELPERKNAPP
Eng Gemeng mat Aussiicht

Commission de la circulation du 03.06.2022

Ufank 20h00

1. **SIGNATURE DE LA LISTE DE PRÉSENCE**

10/13 membres présents : Ben BAUS, Jean-Jacques BUTTEL, Marc BUCHLER, Patrick EVERARD, José FERNANDES, Serge VAN KAUFENBERGH, Manou PETRY, Gilles KLEIN, Patrick KRAEMER, Rick EDERT,

3/13 membres excusés: Marc HOFFMANN, BISENIUS Jean-Claude, Patrick CINCIS,

Président de la séance: José FERNANDES **Sekretär :** Patrick EVERARD

2. **VALIDATIOUN VUM RAPPORT VUN DER LESCHTER VERSAMMLUNG**

Den Rapport vun der Versammlung vum 22.02.2022 gëtt eestëmmeg ugeholl.

3. **ROI COMMISSIOUN**

Et gouf nach eemol drop higewisen dass d'Kommissioun déi Delaie di am ROI festgehalen sinn sollen anhalen betreffend der Convocatioun vun enger Versammlung, dem bäifügen vun Punkten op den Ordre du Jour, dem Rapport, der Un- an Ofmeldung vun der Reunioun.

4. **VËLOSPISTE USELDENG – KEESPELT**

Betreffend dem Tronçon1 huet sech d'Fro gestallt wéi den Vëloswee gezeechent gëtt beim Iwwergang vun der Strooss „Am Eck" iwwert N8 an d'Strooss „Am Zeep". Laut dem Deskriptiv sollen d'Vëloen eng kuerz Streck iwwert den Trottoir op béiden Säiten fueren bis bei den Foussgängeriwwergank. Dëst schéngt eis awer net déi optimaalsten Léisung ze sinn, well déi Trottoiren relativ schmuel sin an och, wenn een d'Frequenz vun den Vidangen vun den Poubellen kuckt, ganz dacks Poubellen oder blo Tuten um Trottoir leien. Zudeem ass et jo normalerweis ënnersot ab engem gewëssen Alter mam Vëlo um Trottoir ze fueren.

Een aneren negativen Punkt bei dem Tronçon 1 sinn déi topographesch Gegebenheeten, an plazeweis relativ géi Penten. Dofir gëtt begréisst dass op villen Plazen duerch kleng Emweeër vill géi Steigungen ëmfuer gi, esou wéi zum Beispill d'Bricherlächer.

Op deenen Plazen wou den Vëloswee iwwer déi normal Strooss verleeft, mussen d'Kräizungen esou gestallt gi, dass den Verlaf vum Vëloswee gutt markéiert ass an dass fir déi néideg Sécherheet fir eis Vëlosfuerer gesuergt ass.
Positiv ass:
- duerch d'Vëlospiste gin déi 2 fréier Gemengen mat engem sécheren Wee mateneen verbonnen (per Vëlo oder zu Fouss)
- dës Vëlospiste wier schonn een Deel vum Projet fir all eis Dierfer aus der Gemeng mat engem Vëloswee mateneen ze verbannen
- d'Käschten vun der Vëlospiste gi vum Staat iwwerholl
- en Vue vum Projet "Jugendhaus zu Brouch" géif den Vëloswee Sënn machen an den Jugendlecher vun Tënten a Huelmes eng gin dohinner ze kommen, Busreseau ass do net gutt am Moment
- et fuerdert d'Mobilité Douce

D'Verkéierskommissioun gëtt een positiven Avis fir den Tronçon 1

5. **BELIISCHTEN ÖFFENTLECH PLATZEN**

D'Memberen hunn d'Fro opgeworf, op et eng Méiglechkeet gëtt fir verschidden ëffentlech Platzen besser ze beliichten an dat wärend den Wanterméint an och zäitlech begrenzt. Am Wanter wou et mat Zäiten däischter

gëtt, kennen d'Kanner net méi am spéiden Nomëtteg, bei schéinem Wieder op eng Spillplaz goen well di schlecht bis guer net ausgeliicht sinn.

Als weideren Punkt, wier d'rue du Moulin zu Brouch an Richtung rue du Village och besser ze beliichten.

6. GRÉIVENKNAPP – BILL

Et wier wichteg d'Ubannung vum Gréiweknapp op den Bill bei den MS Day Center besser ze beliichten an mat engem Trottoir ze verbannen.

Um Gréiweknapp muss d'Kräizung vun der rue „Um Knapp" mat der Strooss fir op den Bill méi sécher gestallt gi, dëst duerch eng Vitesslimitatioun, eng Verengung vun der Strooss op dëser Plaz oder eng Installatioun vun engem Spigel. Et ass aktuell ganz oniwwersiichtlech fir aus der rue „Um Knapp" eraus ze fueren.

7. VERSCHIDDENES

D'Streck zweschend Béiwen an Bëschdref misst rëm eng kéier ausgebessert gin vun der Ponts et Chaussée.

D'Kommissioun wollt vun den Gemengevertrieder eng Réckmeldung hunn wéi wäit den Projet vum „sécheren Schoulwee" ass, an op et schonn een Datum fir d'Presentatioun gëtt.

D'Kommissioun wollt froen fir déi aktuell Daten vun den Radaren ze kréien, fir dass mir déi nach eng kéier kënnen Auswäerten an mat der leschter Lektür kënnen ofgläichen.

Déi nächst Versammlung ass op den 7. Juli 2022 fixéiert.

FIN 22h00